



REÇU  
Par Aff Christian, 09:38, 25/01/2021

Här Fernand Etgen  
President vun der Chamber

Lëtzebuerg, de 25. Januar 2021

Här President,

Esou ewéi den Artikel 83 vum Chambersreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës parlamentaresch Fro iwver déi obligatoresch Coursen am *Centre de Formation pour conducteurs* un den Här Minister fir Mobilitéit an ëffentlech Aarbechte weider ze leeden.

Déi obligatoresch Coursen am *Centre de Formation pour conducteurs* zu Colmar-Bierg sinn am Kader vum Punkteführerschäin virgesinn fir nees Punkten guttgeschriwwen ze kréien.


Mengen Informatiounen no ass et allerdéngs esou, dat keng Rendezvouse fräi sinn an den nächste Méint, an bis iwver d'Méitt vum Joer eraus muss gewaart ginn fir e Cours maachen ze kënnen. Déi betraffe Leit ginn dann op eng Waardelëscht gesat, ouni ze wëssen wéini se mat engem Rendezvous rechnen kënnen.

Dës Coursë sinn awer obligatoresch dem Artikel 2bis §4ter vum Gesetz vum 14. Februar 1955 no, fir datt déi betraffe Persounen hire Führerschäin zréck kréien.

An dësem Kontext géif ech gäre folgend Froen un den Här Minister fir Mobilitéit an ëffentlech Aarbechte stellen:

- Kann de Minister bestätegen, dat et laang Waardelëschte ginn an et iwver 6 Méint dauert, éier een e Rendezvous fir e Cours kritt ? Wa jo, wat sinn d'Grënn hevir? Koum et zu Retarde wéinst der COVID-Pandemie?
- Fir déi betraffe Leit hänkt vill vun dësen obligatoresche Coursen of. Wann d'Coursen esou iwverlaf sinn, ass de Minister net der Meenung, dat de Centre de Formation sech reorganiséiert fir senger Missioun an dëser Hisiicht besser nokommen ze kënnen ?
- Dëst zielt ëmsou méi wou de Centre de Formatioun pour conducteurs hei eng Monopolstellung huet. Oder wëll de Minister hei Ännerunge virhuelen ?
- Wat gedenkt de Minister ze ënnerhuelen, fir dat d'Gesetz ausgefouert ka ginn an dat an engem tragbaren Zäitraum, den « délai raisonnable » huet jo och juristesche Konsequenzen ?

Här President, ech bieden Iech mäin déifste Respekt unzuhuelen.

A handwritten signature in black ink, appearing to be 'Octavie Modert', written in a cursive style.

Octavie Modert  
Deputéiert



Luxembourg, le

09 FEV. 2021

**Monsieur Marc Hansen  
Ministre aux Relations avec  
le Parlement**

**Service Central de Législation  
Luxembourg**

REÇU  
Par Alff Christian, 12:47, 09/02/2021

Monsieur le Ministre,

J'ai l'honneur de vous communiquer en annexe la réponse à la question parlementaire N°3501 du 25 janvier 2021 de l'honorable députée Madame Octavie Modert, concernant le centre de Formation pour conducteurs, tout en vous priant de bien vouloir en assurer la transmission à Monsieur le Président de la Chambre des Députés.

Recevez, Monsieur le Ministre, l'expression de mes sentiments distingués.

**François Bausch  
Ministre de la Mobilité  
et des Travaux publics**

**Äntwert vum Här François BAUSCH, Minister fir Mobilitéit an ëffentlech Aarbechten, op  
d'parlamentaresch Fro N°3501 vum 25. Januar 2021 vun der éierbarer Deputéiert Madame Octavie  
Modert zum Sujet "Centre de Formation pour conducteurs"**

An hirer parlamentarescher Fro stellt sech déi éierbar Deputéiert eng Rei Froen iwwert d'Formatioun am Kader vum Punktführerschäin.

Laut de Bestëmmunge vum Artikel 2bis vum modifizéierte Gesetz vum 14. Februar 1955 iwwert de Stroosseverkéier gëtt d'Gëltegkeet vum Führerschein vun enger Persoun, déi all hir Punkten um Punktführerschäin verluer huet, fir eng Dauer vun 12 Méint suspendéiert. Fir de Führerschäin nees zeréck ze kréien, gesäit d'Gesetz eng obligatoresch Formatioun vir. D'Krittäre fir dës Formatioun dierfen unzëbiede sinn am Artikel 4sexies vum selwechte Gesetz beschriwwen an d'Modalitéite vun dëser Formatioun stinn am Artikel 85 vum Code de la Route.

Wéi all déi aner Institutiounen déi an der Educatioun oder der Ausbildung aktiv sinn, huet de Centre de Formation pour conducteurs S.A. (CFC) misse während dem Etat de crise seng Aktivitéiten ënnerbriechen. Dëst huet effektiv zu engem gewësse Retard bei den ugeschwate Formatioune gefouert. Aktuell gëtt et en Délai d'attente vun ongeféier 4 Méint.

Fir dës Retard nees opzehuelen, huet den CFC schonns Enn 2020 2 nei Psychologen agestellt, déi méttlerweil och vum Ministère agreéiert sinn. Zesumme mat enger iwerschaffter Gestioung vun de Rendezvous wäerten dës zousätzlech Kapazitéiten dozou bäidroen, fir den Delai d'attente nees bis Ufank Summer op en normalen Niveau ze bréngen. Doriwwer eraus gëtt och verstärkt op de System vun enger Liste d'attente gesat, deen et erlaabt, wann eng Persoun hir Participatioun um Cours muss ofsoen (z. B. aus gesondheetleche Grënn), d'Plaz am Cours nees kuerzfristeg nei ze verginn, fir datt esou mann wéi méiglech Kapazitéite verluer ginn.

Op Nofro hinn huet den CFC confirméiert, datt d'Kapazitéiten esou ausgeluecht sinn, datt de Leit, déi hire Führerschäin duerch de Verloscht vun all hire Punkten suspendéiert kruten, während der Suspensioun vun hirem Permis déi virgeschriwe Formatioun ugebuede kréien. Hei spillt awer dann och nach en anere Problem eng Roll, dee scho säit enger gewësser Zäit festgestallt gouf. Déi betraffe Chauffere waarden oft ze laang (e puer Woche virum Auslaafe vum Suspensionsdelai), iert si e Rendezvous froen. De CFC confirméiert, datt e Chauffer, dee sech direkt um Ufank vun den 12 Méint géif manifestéieren oder wéinstens bis zu 3 Meint virum dem Enn vun der d'Suspensioun, sécher e Rendezvous kritt, iert d'Suspensioun vu sengem Führerschäin eriwwer ass.

Fir dëser Problematik entgéint ze wierken, wäert de Ministère kucken, ob eng zousätzlech Informatioun un d'Leit, sech esou séier wéi méiglech e Rendezvous ze froen, d'Situatioun evtl. verbessere kéint.